Diddeleng, den 13. September 2023

Semiray Ahmedova
[redacted]

Yves Steffen
[redacted]

**Un den Här Buergermeeschter**
**an un de Schäfferot vun der Stad Diddeleng**

Här Buergermeeschter, Dir Damme Schäffinnen, Dir Häre Schäffen,

Am Numm vun déi gréng Diddeleng biede mir Iech an der nächster Gemengerotssitzung zu folgende Froe Stellung ze huelen.

Am Gemengerot vum 14.7.23 hate mir zesumme mat de Kolleege vun der CSV eng Partie Froe gestallt zu der bis dohin ongléckleche Situatioun an der Edison-Strooss. Hei gouf mëttlerweil d'Schëld ofmontéiert, dat d'Vëlosfuerer.innen (aus der Lentz-Strooss kommend), direkt a Richtung Kierch geschéckt huet. Si pendelen sech an de motoriséierte Verkéier elo an, wat alles anescht ewéi eng sécher Vëlosverbindung ass, virun allem fir Familljen. D'Edison-Strooss ass op dësem Tronçon op 50 km/h limitéiert an op hirem Enn steet net vu Muttwëll eng Kalifornesch Mauer. Dës huet scho vill Autoslack ofkritt, sou dass jiddereen sech gutt virstelle kann, wéi wéineg sécher een sech op esou enger Strooss mat engem Vëlo spiert.

Laut dem Sustainable Urban Mobility Plan (SUMP), soll de bannestättechen Trafic an Zukunft ëmmer méi op de Pilier vun der duusser Mobilitéit setzen. Am Kader vum Vëlosummer huet ee virun allem an der Liberatiounsstrooss mam Pop-Up Vëloswee gesinn, dass hei nach extrem vill Verbesserungspotential besteet beim Plangen an Ëmsetze vu sécherer Vëlosinfrastruktur. D'betraffen "Place de l'Hôtel de Ville" ewéi och an dem Deel vun der Liberatiounsstrooss, dee mat der rue du Commerce duerno kräizt ass gemengt. Mam Shared Space a senger Phase 4, wäert de Problem jo bei der Gemengeplaz fir d'duuss Mobilitéit geléist ginn. E weidert "Plangen a Bauen" wéi bis elo, mëscht et schwéier, dat genannten Zil vun 11.900 Weeër pro Dag mam Vëlo zu Diddeleng ze ereechen (Säit 23 - Handlungsfeld 2 vun der SUMP).

- Ass geplangt de frësch renovéierten Deel vun der Liberatiounsstrooss/rue du Commerce nach emol deenen am SUMP beschriwwenen Objektiver unzepassen?
- Wisou ass hei näischt **vu vir eran** fir d'duuss Mobilitéit mat virgesi ginn?

Am Fall vun de Stroossen Edison, Commerce a Liberatioun a virun allem en vue vum Moossnamekatalog aus dem SUMP, stelle mir fest, dass aus der Siicht vun der

duusser Mobilitéit hei näischt virgesinn ass fir sécher aus dem Oste vun Diddeleng (d'Quartiere Schmelz, Dell, Hanzendall, Lenkeschléi) bis an d'Duerf an domat bei d'Commercen ze kommen. Och fir d'Kanner feelt et un sécherer Infrastruktur fir op de Strutzbierg ze kommen.

- Wéi ass et ugeduecht, der Moossnam No18 aus dem SUMP gerecht ze ginn, wou beseet, dass d'Quierunge fir déi duuss Mobilitéit solle verbessert ginn?
- Wisou ass dat hei net **vu vir eran** mat virgesi ginn?
- E.a. hu scho missten Upassunge gemaach ginn um Eck Liberatiounsstrooss/Rue du Commerce (Richtung Match, wou den Eck hannen opgemaach ginn ass fir de Vëlo). Vu dass Nobesserungen ëmmer méi deier ginn, wéi et vu vir era se mat ze plangen, wéilt d'Oppositioun d'Käschten transparent gemaach kréie fir déi gemaachen Upassungen an och vun deenen noutwendege weideren Upassungen.

An der Erwaardung vun Ärer Äntwert verbleiwe mer mat beschte Gréiss,

Semiray Ahmedova Yves Steffen